N°8020
Entrée le 23.05.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 24.05.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Mee 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister, d'Madamm Justizminister an un d'Madamm Minister fir d'Groussregioun weiderzeleeden.

Nodeems et rezent am franséische Villerupt bei enger Drogenaffär zu enger Schéisserei komm ass, stellt sech d'Fro vun der Police-Zesummenaarbecht an der Groussregioun op en Neits. An deem Kontext huet en héichrangege Vertrieder vun der franséischer Police am Grand-Est ze bedenke ginn, datt eben dës Police-Zesummenaarbecht an der Groussregioun staark ze wënschen iwwereg léisst. Deemno géife Krimineller, dorënner haaptsächlech Abriecher a Verkeefer vun illegal Substanzen, massiv vun där mangelnder Police-Kooperatioun profitéieren. Doduerch gëtt d'Grenzgebitt verstäerkt zu engem Hot-Spot fir den internationalen Drogentrafic. An deem Kader fuerdert de genannte Police-Vertrieder grenziwwerschreidend Police-Unitéiten, reegelméisseg Reuniounen tëscht der lëtzebuergescher, belscher an däitscher Police an en trinationaalt Kommissariat mat konkrete Kompetenzen.

An deem Kontext géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Wéi schätzt d'Regierung d'Sécherheetssituatioun an de Grenzgebidder vun der Groussregioun an? Wéi huet sech déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit an deene leschte Joren entwéckelt?
2. Ass d'Regierung am Hibléck op d'Aussoe vum genannte Police-Vertrieder aus dem Grand-Est och der Meenung, datt Efforten ënnerholl musse ginn, fir déi grenziwwerschreidend Kriminalitéit verstäerkt ze bekämpfen?
3. Wéi eng Schrëtt wëll d'Regierung konkret ënnerhuelen, fir d'Kooperatioun tëscht de Police-Unitéiten am Grenzgebitt auszebauen?
4. Wär d'Regierung bereet, fir d'Grenzen elektronesch ze iwwerwaachen, z.B. duerch eng temporär Registréierung a Späicherung vun den Autosplacken?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten